Depot : Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun,

- datt d'Eedesformel vum nei gewielten Deputéierten bis dato ausschliisslech a franséischer Sprooch ofzeleeën ass,
- datt Lëtzebuerg awer dräi administrativ Sproochen huet an datt d'Sproochegesetz vun 1984 keng vun deenen dräi Sproochen fir den Eed virschreift,

decidéiert dowéinst,

- datt den Deputéierten an Zukunft d'Wiel huet, a wéi enger vun deenen dräi administrative Sproochen hien d'Eedesformel ofleeë wëll,
- de Büro vun der Chamber ze chargéieren, eng offiziell Formuléierung vun der Eedesformel an deenen dräi administrative Sproochen auszeschaffen.

ADR – Groupe parlementaire **25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**